adr:
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
10 AVR. 2015
1047

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Abrëll 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Mam Schoulgesetz vum 6. Februar 2009 iwwert d'Organisatioun vun der Grondschoul sinn déi fréier Klassen (Spillschoul, 1. Schouljoer, 2. Schouljoer..., 6. Schouljoer) duerch Cyclen ersat ginn. Esou ass z.B. dat éischt Schouljoer de Cycle 2.1, dat sechst Schouljoer de Cycle 4.2.

Bei der Viraarbecht fir dëst Gesetz, bis zu de Chamberdebatten, ass vill vum „Team Teaching" geschwat ginn. Esou kënnen z.B. zwee Enseignante zesummen ee Cycle (aus zwou fréiere Klassen) betreien.

Weider Méiglechkeeten, déi sech aus deem neie Gesetz erginn, sinn dës:

a) e Kand, dat schonns no engem Joer d'Objektiver vum Cycle erreecht huet, kann an den nächste Cycle goen (also 1 Joer iwwersprangen);

b) e Kand, wat no zwee Joer d'Objektiver vum Cycle net erreecht huet, kann dëse Cycle an dräi Joer maachen;

c) d'Eltere kënnen e Recours aleeën, wann déi pedagogesch Equipe virschléit dat e Kand muss ëm ee Joer verlängeren;

d) wann déi pedagogesch Equipe mierkt, datt e Kand d'Objektiver och net an der maximaler Zäit kéint erreechen (3 Joer pro Cycle, 8 Joer fir d'Cyclen 2 – 4), da soll dëst Kand iwwer speziell Moossname gehollef kréien.

D'Schoulgesetzer vun 2009 sinn elo 6 Joer a Kraaft. Dowéinst wéilt ech dem Här Educatiounsminister dës Froe stellen:

1. *Wéi vill Klasse fonctionnéieren nom Prinzip vum „Team Teaching", also wou d'Klassen aus engem Cycle zesummegeluecht sinn? Kann den Här Minister en Tableau opstelle loossen, separat pro Cycle, mat der Zuel vun de Klassen an dem Prozentsaz zu de Klassen am ganzen, an dëst pro Joer zanter der Aféierung vum Gesetz ? Gëtt et Gemengen, déi méi oft wéi anerer op „Team Teaching" zeréck gräifen?*

2. *Wéi vill Kanner hunn e Cycle an engem Joer anstatt an zwee Joer gepackt ? (Pro Schouljoer zanter der Rentrée 2009-2010, a pro Cycle)*

3. *Wéi vill Kanner hunn e Cycle an dräi Joer anstatt an zwee Joer duerchlaf ? (Pro Schouljoer zanter der Rentrée 2009-2010, a pro Cycle)*

4. *Wéi oft hunn Elteren e Recours ageluecht, wann déi pedagogesch Equipe proposéiert huet op dräi Joer erop ze goen? Wéi oft ass positiv, am Sënn vun den Elteren, op dëse Recours reagéiert ginn?*

5. *Wéi vill Kanner hunn iwwer speziell Moossname gehollef krut ? Si fir dës Moossname supplementar Posten autoriséiert ginn? Wa jo, wéi vill ?*

6. *Kanner déi elo am Cycle 4.2 (6. Schouljoer) sinn hunn hir ganz Schoulzäit (vun Cycle 2.1 un) nom neie System duerchlaf. Huet de Ministère e Bilan iwwert dës Zäit erstallt? Wa jo, wéi gesäit dëse Bilan aus, a wou ass e publizéiert? Wa neen, ass de Ministère bereet, spéitstens am Hierscht de Bilan vu 6 Joer Schoulreform opzestellen, ze publizéieren an doriwwer ze debattéieren ?*

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Coordination générale

Luxembourg, le 10 juin 2015

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
11 JUIN 2015

Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement
Service central de Législation
43, boulevard Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Concerne: question parlementaire N° 1047 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire posée par l'honorable Député Kartheiser.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél.: (+352) 247-85100
Fax:(+352) 247-85113
e-mail: info@men.lu
www.men.lu

127-000188-20040816-FR

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 10 juin 2015

Coordination générale

Monsieur le Président de la Chambre des Députés
19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Réponse du Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire N° 1047 du Député Fernand Kartheiser

Am Virfeld si folgend Bemierkungen ubruecht:

- D'Grondschoulgesetz vum 6. Februar 2009 huet eng relativ grouss Flexibilitéit agefouert, wat d'Organisatioun vun de Klassen ugeet. Haaptzil war an ass, fir eng méiglechst grouss Kohärenz a pädagogesch Kontinuitéit ze assuréieren, esou, datt Kanner sech net méi all Joer op en aneren Titulaire mussen astellen. Dëst ass iwwert de Wee vun der Aféierung vun de pädagogeschen Equipen oder Teams geschitt, wou et u sech net dorëms goung, datt e puer Enseignantë sech eng Klass deelen, mä wou d'Enseignanten an all aneren Intervenanten aus dem Zyklus sech regelméisseg gesinn a sech zesummen ofschwätzen, z.B. iwwert d'Opdeelung vun de Klassen, d'Bewäertung vun de Kanner, Differenzéierungsméiglechkeeten, Hausaufgaben asw.

- D'Schoulgesetz vum 6. Februar 2009 huet d'Zyklen an der Grondschoul agefouert an domadder enger Organisatiounsform eng legal Basis ginn, déi an de fréieren 1970er Joeren an der Primärschoul an an der Spillschoul schonns agefouert gouf, nämlech d'Zesummefaassung vun zwee Schouljoeren an enger logescher pädagogescher Eenheet mam Zil eng méi grouss Kohärenz a Kontinuitéit an de Schoulbetrib ze kréien.

- Et besteet och laut Gesetz d'Méiglechkeet, zwou Joergangsklassen an enger Klass zesummenzeleeën, esou, datt d'Enseignantë Kanner aus zwee Joergäng zesummen an enger Klass betreien. Déi Praxis ass schonns zanter laangem Bestanddeel am Préscolaire, respektiv dem éischte Léierzyklus, a gëtt och, wann d'Ëmstänn et erlaben, plazeweis an der Primärschoul applizéiert.

- D'Schoulgesetz léisst de Gemengen an de Schoulen eng relativ grouss Autonomie, wat d'Schoulorganisatiounen ugeet, a schreift net op engem nationalen Niveau vir, wéi all eenzel Schoul sech ze organiséieren huet. E Prototyp vun enger Organisatioun an Zykle gëtt et net an ass och net wënschenswäert. Wat op enger Plaz gutt ka funktionéieren, kann op enger anerer Plaz zu negative Resultater féieren. An deem Sënn gesäit de Regierungsprogramm och vir, d'Autonomie vun de Schoulen nach méi ze stäerken, esou datt se nach besser op déi soziokulturell Gegebenheeten an d'Besoine vun de Schüler reagéiere kënnen.

- Wat déi gefrote Statistiken ubelaangt, esou erginn sech déi folgend Tableauen aus den Donnéeën déi ënner der Responsabilitéit vun de jeeweilege Klassentitulairen erfaasst goufen.

29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél.: (+352) 247-85100
Fax:(+352) 247-85113
e-mail: info@men.lu
www.men.lu

127-000188-20040816-FR

Ad. 1)

	Cycle 1	% Cycle 1	Cycle 2	% Cycle 2	Cycle 3	% Cycle 3	Cycle 4	% Cycle 4
2011/2012	684	100%	50	8,38%	34	5,66%	18	2,91%
2012/2013	686	100%	59	9,52%	51	8,07%	32	5,39%
2013/2014	702	100%	43	6,53%	54	8,40%	34	5,71%
2014/2015	716	100%	41	6,21%	51	8,01%	31	5,14%

Den Tableau begräift d'Zuel vun de Klassen, déi, laut Schoulorganisatioun, am Zyklus funktionéieren an de prozentualen Undeel vun deene Klassen. Dës Donnéeë gi säit dem Schouljoer 2011/2012 informatesch erfaasst.

Et ass ënnerschiddlech wéi eng Gemengen eng Organisatioun an Zyklusklasse proposéieren an oft variéiert dat jee no Zyklus an och jee no Schouljoer. De Choix vun der pädagogescher Virgehensweis vun den eenzelnen Equippe spillt do eng Roll an och munchmol d'Kannerzuel, déi an den eenzelne Schouljoeren anzeschoule sinn. Bei ganz klengen Effektiver ginn d'Klassen éischter an enger joergangsiwwergräifender Zyklusklass zesummegeluecht.

Ad. 2)

	2009/2010	2010/2011	2011/2012	2012/2013	2013/2014
Cycle 1.1 – Cycle 2	80	88	71	90	62
Cycle 2.1 – Cycle 3	22	29	14	8	7
Cycle 3.1 – Cycle 4	40	4	5	13	21
Cycle 4.1 – Enseignement postprimaire		2	1	2	0

Den Tableau begräift d'Zuel vun de Kanner, déi no engem Joer am Zyklus an den nächsten Zyklus komm sinn.

Ad. 3)

Schouljoer vun der Decisioun	2009/2010	2010/2011	2011/2012	2012/2013	2013/2014
Schouljoer vun der Frequentatioun	2010/2011	2011/2012	2012/2013	2013/2014	2014/2015
Cycle 1 - rallongé	148	169	206	206	231
Cycle 2 - rallongé	442	476	523	563	665
Cycle 3 - rallongé	195	291	372	481	497
Cycle 4 - rallongé	35	45	41	43	35

Den Tableau begräift d'Zuel vun de Kanner, déi en Zyklus an dräi Joer gemaach hunn.

Ad. 4.1)

Iwwert d'Gesamtzuel vun den agereechten Demandë fir e Recours gëtt et keng Statistik.

Ad. 4.2)

Schouljoer	2009/2010	2010/2011	2011/2012	2012/2013	2013/2014	2014/2015
Total	47	124	92	76	67	12

Den Tableau begräift d'Zuel vun den Demandë fir e Recours, déi vun de jeeweilegen Inspekteren ugeholl gi sinn.

Ad. 5)

Eng ganz Rëtsch Kanner kruten iwwer speziell Moossname gehollef, entweder duerch organisatoresch Décisiounen an den eenzelne Schoulen an/oder duerch zousätzlech Ressourcen, déi iwwer d'Equipes multiprofessionnelles oder de Service vun der Educatioun Différenciée all Joer zur Verfügung gestallt ginn. Sou sinn zum Beispill säit 2009 aachtanzwanzeg supplementar Poste vun der Carrière vum "Educateur gradué" autoriséiert ginn, déi un d'Inspekteschbüroen affektéiert si fir a verschiddene Grondschoulen ze intervenéieren, jee no Bedarf. Och gëtt et zum Beispill eng Rëtsch Léierinnen a Schoulmeeschteren, déi deelweis oder ganz fräigestallt sinn, fir am Kader vun den Equipes multiprofessionnelles speziell Hëllefstellungen ze leeschten.

Ad. 6)

Am Januar 2013 hat meng Virgängerin, d'Madame Mady Delvaux-Stehres, zesumme mam Här Daniel Tröhler, Professer an den Erzéiungswëssensschaften op der Universitéit Lëtzebuerg a mam Här Siggy Koenig, fréieren Administrateur général am Erzéiungsministère, en éischte Bilan vun der Duerchféierung vun der Reform vum Enseignement fondamental no dräi Joer presentéiert. Dozou sinn 2 Dokumenter erstallt ginn:

- De Rapport vun der Uni Lëtzebuerg kombinéiert eng quantitativ (Ëmfroen iwwer Froebéi) mat enger qualitativer Approche (Gespréicher). De Rapport vum Här Koenig baséiert op der Lektür vun alle Publikatioune vum Ministère zur Reform, vun der Synthees vu Rapporten aus Aarbechtssëtzungen, vun Ëmfroen, vu Stellungname vu Schoulsyndikater a schliisslëch op individuell Gespréicher.
- Déi 2 Rapporte ginn op fundamental Aspekter vun der Reform an der Grondschoul an: pädagogesch Changementer, strukturell Changementer, Ënnerstëtzungsmoossname fir d'Schüler, d'Schoulentwëcklungspläng, d'Weiderbildung vun den Enseignanten etc. Si analyséieren och d'Stellunge vun alle Schoulakteuren a Schoulpartner: Schoulpersonal, Elteren, Schüler, Schoulinspekteren, Memberen aus den Equipes multiprofessionnelles, Instituteurs-ressources, Schoulkommiteespresidenten, Gemengenautoritéiten, Gewerkschaften,...

Et ass net am aktuelle Regierungsprogramm ugeduecht fir no 6 Joer e weidere Bilan vun der Grondschoulreform ze maachen. Par contre gesäit déi aktuell Gesetzgebung vir, all 5 Joer en ëmfaassende Bildungsbericht opzestellen, woubäi den Enseignement fondamental als eenzelne Bestanddeel mat senge verschiddenen Aspekter mat considéréiert gëtt.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse